adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

n° 3415

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 15:38, 11/01/2021

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt hei am Land wëll Zeltlageren entstane sinn. D'Police huet zum Beispill um Kierchbierg d'Leit an dëse Behausungen och scho kontrolléiert, mee et ass näischt geschitt, fir dës onmënschlech Situatioun an d'Rei ze bréngen. Duerfir hätte mir dës Froen un déi zoustänneg Ministeren:

1. Ass et richteg, datt et um Kierchbierg en Zeltlager gëtt, dat kenger Geneemegung ënnerläit?
2. Wou hei am Land huet d'Regierung nach Kenntnis vun esou wëlle Lageren?
3. Wann ee Froen vun Ëmwelt- a Naturschutz emol ausklamert, ass et erlaabt, en Zeltlager ouni Geneemegung anzeriichten?
4. Huet d'Police um Kierchbierg oder op enger vun deenen anere Plaze Kontrollen duerchgeféiert?
5. Wat ass d'Situatioun vun deene Leit, déi forcéiert sinn, an esou engem Lager en Daach iwwert dem Kapp ze sichen?
6. Ass op Grond vun deene Kontrolle probéiert ginn, de betraffene Leit ze hëllefen an hinnen méi eng adequat Iwwernuechtungsgeleeënheet ze offréieren?
7. Firwat blouf dat Lager um Kierchbierg no der Policekontroll weider bestoen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 10 février 2021

RECU
Par Alff Christian , 12:50, 10/02/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3415 du 11 janvier 2021 des honorables Députés Fernand Kartheiser et Jeff Engelen concernant les camps sauvages**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n° 3415 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Jeff Engelen zum Sujet « camps sauvages »**

**Fro 1.**

Um Kierchbierg haten op zwou verschiddene Plaze Persounen hiert Lager opgeschloen. Heibäi huet et sech an deenen zwee Fäll all Kéiers just ëm een Zelt mat diversen Annexen, bestoend aus Plasticsbaaschen, gehandelt. Béid Zelter stoungen um Rand vum Bësch laanscht de Boulevard Pierre Frieden a ware vu Persoune mam Statut vum "sans domicile fixe" bewunnt.

**Fro 2. a 5.**

An de Policeregiounen "Nord" a "Centre-Est" sinn eis, ofgesi vu sporadesche Fäll vu wëllem Campéieren am touristesche Sënn, keng Fäll vun esou wëlle Lagere bekannt.

An der Policeregioun "Sud-Ouest" par conter hu mir dëse Phenomeen säit Hierscht 2018, virun allem ronderëm d'Aire de Berchem an d'Aire de Capellen.

Sou goufen am Joer 2020 an den Alentoure vun der Aire de Berchem zweemol Zelter, respektiv improviséiert Lagere fonnt, déi eendeiteg als Behausung fir Flüchtlinge gedéngt hunn. Eng Kéier gouf keng Persoun ugetraff, déi aner Kéier goufen 11 Leit aus Eritrea ugetraff. Dës Persoune goufen all friemepolizeilech erfaasst an hu missen d'Land verloossen. A béide Fäll sinn déi jeeweileg Zelter/Lager vun der Gemeng Réiser entsuergt ginn.

Ronderëm d'Aire de Capellen, respektiv an der Ëmgéigend vun der Gare zu Klengbetten ass d'Police regelméisseg konfrontéiert mat der Problematik vu Flüchtlingen, déi hei illegal an improviséierten Ënnerstänn oder an engem hannert der Aire situéierten ale Schapp logéieren a probéieren, a Camionen, déi a Richtung England fueren, ze klammen, wann déi op der Aire de Capellen eng Paus aleeën. Heibäi muss awer bemierkt ginn, dass et sech bis elo ni ëm e regelrecht Lager gehandelt huet, an dowéinst huet sech d'Fro vum Entsuerge vun iergendwelchen Zelter oder Lageren do nach net gestallt.

**Fro 3.**

Ofgesi vum Ëmwelt- an Naturschutz stipuléiert den Artikel 6 vum Gesetz vum 11. Juli 1957 iwwert d'Reglementatioun vum Camping: *« Pour camper sur tous terrains privés, autres que ceux qui sont visés par la présente loi, il faut la permission du propriétaire, de la personne qui en a la jouissance ou de son représentant. La permission peut être tacite. »*
Als *« terrains privés »* sinn hei all Terraine gemengt, déi net zur Voie publique gehéieren.

**Fro 4.**

Souwuel um Kierchbierg wéi och op deenen anere Plaze féiert d'Police regelméisseg Kontrollen duerch.

**Fro 6.**

Bei de Kontrollen huet d'Police sech un de legale Kader gehalen, dee vum Législateur virgesinn ass. Dobäi ass d'Police bei Flüchtlingen an illegaler Situatioun, déi an der Policeregioun "Sud-Ouest" ugetraff goufen, wéi an der Äntwert zur Fro 2 beschriwwe verfuer.

Um Kierchbierg goufen déi ugetraffe Persounen e puermol invitéiert, am Foyer vun der Wanteraktioun um Findel, respektiv an enger anerer sozialer Ariichtung en Ënnerdaach ze sichen.

**Fro 7.**

Béid Lageren um Kierchbierg bestinn zanter dem 25. Januar 2021 net méi.